# Sëtzung vum Naturpakt-Team (25.07.2023)

## Presenzlëscht

*Tabelle 1 : Presenzlëscht*

| Naturkpakt-Team | | |
|---|---|---|
| Memberen an hire Posten | Email | Presenz |
| Myriam Zeimes (SICONA – Naturpaktberoderin) | myriam.zeimes@sicona.lu | |
| Maryse Leiner (SICONA – Naturpaktberoderin) | maryse.leiner@sicona.lu | X |
| Jimmy Skenderovic (Naturpakt - Schäffen) | jimmy.skenderovic@rumelange.lu | |
| Nadine Wagner (Service écologique) | nadine.wagner@rumelange.lu | X |
| Daniel Sannipoli (Fierschter – ANF) | daniel.sannipoli@anf.etat.lu | X |
| Tom Ostrihon (Service Technique) | tom.ostrihon@rumelange.lu | |
| Serge Molitor (Chef vum Service régie) | serge.molitor@rumelange.lu | X |
| Steven Hansen (Service écologique a Verantwortleche vun der Flosspartnerschaft) | steven.hansen@rumelange.lu | |
| Jérôme Vael (Verantwortlechen vun der Stadplanung) | Jerome.vael@rumelange.lu | |
| Ramon Decker (Gemengenaarbechter) | ramon.decker@rumelange.lu | X |
| Claude Pasquini (Externen Experte) | cpasquini@gmx.net | X |

## Ordre du jour

- Kuerz Virstellung vum Naturpakt
- Verschidde Moossnamen:
  - 2.4 an 2.5 Gréngflächekartéierung an -bewirtschaftungskonzept
  - 2.8 Moossname fir wëll liewend Déieren am Siidlungsraum
  - 2.10 Moossnamen zum Schutz vu Fliedermauskolonien
  - 2.18 Déirefrëndlech Liichtquellen am Siidlungsraum
  - 3.1 Managementkonzept vun de Gemengenterrainen am Oppeland zur Färderung vun der Biodiversitéit
  - 5.3 PEFC-Zertifizéierung
  - 6.1 Kommunikatiounskonzept
- Internetsitten

## Kuerz Virstellung vum Naturpakt

De Naturpakt ass eng Kéier kuerz virgestallt ginn, ouni dobäi weider an Detailer ze goen. Et ass festgehale ginn an der nächster Naturpakt-Team Sëtzung, wann eng méi grouss Unzuel un Team-Memberen dobäi kënne sënn, eng méi detailléiert Presentatioun ze maachen.

## Verschidde Moossnamen

### 2.4 an 2.5 Gréngflächekartéierung an -bewirtschaftungskonzept

An enger éischter Phase ass eng Kéier kuerz driwwer geschwat gi firwat dat bestoend Konzept vun der Gemeng am Kader vum Naturpakt net ka mat ugerechent ginn. Ee vun de Grënn ass, datt dat Konzept méi detailléiert ausgeschafft muss ginn. Zum anere sollt et ob Basis vun enger Gréngflächekartéierung opgebaut ginn. Vue datt nach keng esou eng Kartéierung am Siidlungsraum vun der Gemeng Rëmeleng gemaach ginn ass, ass festgehale ginn dëst mat ob de Joresprogramm vum SICONA spéitstens fir d'Joer 2025 zu huelen. Dëst ass vum Chef de régie, dem Serge Molitor mëndlech beoptraagt ginn.

### 2.8 Moossname fir wëll liewend Déieren am Siidlungsraum

Hei ass proposéiert ginn der Gemeng Quelle virun ze gi wou si uerdentlech an aartgerecht Këschte fir déi verschidden Déiere kënne bestellen.

### 2.10 Moossnamen zum Schutz vu Fliedermauskolonien

D'Gemeng huet bis elo eng Moossnam ëmgesat. Dëst an der Kierch zu Rëmeleng. Fir bei dëser Moossnam weider ze kommen, missten nach weider Schutzmoossnamen a Gemengegebaier ëmgesat ginn. Fir potenziell gëeegent Plazen ze fannen ass Team no Iddie gefrot ginn. De Chef de régie huet proposéiert mat Leit aus dem Service een Tour ze maachen, fir no gëeegente Plazen ze kucken.

### 2.18 Déirefrëndlech Liichtquellen am Siidlungsraum

Bei dësem Punkt ass erkläert gi wéi eng Informatiounen d'Preuvë mussen hunn fir datt den Undeel richteg berechent ka ginn an esou och am Naturkpakt mat ugerechent ka ginn. Et ass och doriwwer informéiert ginn, datt LED-Luuchten am Allgemengen net duer gi fir als déirefrëndlech ze gëllen. Bei Neiinstallatioune sollt dofir direkt gekuckt ginn datt och d'Critèrë fir den Naturpakt passen.

### 3.1 Managementkonzept vun de Gemengenterrainen am Oppeland zur Färderung vun der Biodiversitéit

Vun der Naturpaktberoderin ass eng Lëscht zesummegestallt gi mat all de Gemengenterrainen am Oppeland. An enger nächster Phase soll festgehale gi wien aktuell déi verschidden Terraine bewirtschaft a wéi se bewirtschaft ginn. Et ass festgehale ginn, datt de Projet vun der

Beroderin un den Här Sannipoli (lokale Fierschter) weidergeschéckt gëtt an déi gefroten Informatioune ginn da vun him dobäigesat.

## 5.3 PEFC-Zertifizéierung

D'Gemenge Bëscher sënn FSC zertifiéiert. Fir déi voll Punktzuel bei dëser Moossnam ze kréien, wier et néideg, datt d'Bëscher souwuel FSC wéi och PEFC zertifiéiert sënn. Virun der éischter Team-Versammlung ass scho mam Fierschter iwwert d'PEFC-Zertifizéierung geschwat ginn. Hien war domat averstanen. Dofir ass an dëser Team-Sëtzung just nach emol no dem aktuelle Stand vun der Prozedur gefrot ginn. Et ass bestätegt ginn, dat de Punkt schonn intern beschwat ginn ass, an datt och d'Gemeng mat ob de Wee wëll goen. Et sënn weider awer nach keng Schrëtt an d'Weeër geleet ginn.

## 6.1 Kommunikatiounskonzept

D'Gemeng Rëmeleng huet fir den éischten Audit hiert bestoend Konzept ugerechent kritt. Well d'Auditeuren awer am Hibléck dorop bei engem zweeten Audit méi Detailer zu den Zilgruppen an de Publikatiounsplazen wëllt hunn, ass vun der Naturpaktberoderin een neit Konzept ausgeschafft ginn. Dëst soll der Gemeng viru geschéckt gi fir hiren Avis ze kréien an et dorops hin unzepassen.

## Internetsitten

www.pactenature.lu